ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Mäerz 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Ëmmer méi Flüchtlingen aus der Ukrain kommen op Lëtzebuerg, dorënner och vill Kanner a Jugendlecher am schoulflichtegen Alter. Si mussen eng Rei Prozeduren duerchlafen, wéi z.B. eng Evaluatioun beim „Service de scolarisation des enfants étrangers", a si musse vun der Direktioun vun der Immigratioun unerkannt sinn, ier si kënnen an d'Primärschoul oder ee Lycée opgeholl ginn. Eng Rei vun deene Kanner gi vu Privatleit uechtert d'Land hebergéiert a kéinten an der Schoul vun hirer Gemeng oder an enger Internationaler Schoul an hirem Schoulberäich opgeholl ginn.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un den Här Schoulminister:

1) Ass den Här Minister bereet, dem Direktiounspersonal vun de Lycéeë respektiv de lokale Schoulkommissiounen ze erlaben, ukrainesch Kanner, déi bei Privatleit ënnerkomm sinn, selwer ze evaluéieren, fir si direkt a Klassen opzehuelen, déi hire Fäegkeeten entspriechen?
2) Ass de Ministère bereet, fir mat „effet immédiat" Klassen an oder bei de Strukturen anzeriichten, fir datt och déi Kanner der Schoulobligatioun kënnen nokommen?
3) Wéi eng Mesurë gi vum Schoulministère geholl, fir et deene geflüchte Kanner a Jugendlechen ze erméiglechen, dat weider ze verfollegen, wat si bis elo geléiert hunn – duerch Online-Unterrecht mat Léierpersounen, déi an der Ukrain bliwwe sinn?
4) Geet den Här Minister aus, datt béid Forme vun Unterrecht – Online-Unterrecht mat Léierpersonal an der Ukrain a Presenzunterrecht a Lëtzebuerger Schoulen – als gläichwäerteg unzeerkenne sinn?
5) Ginn et Concertatioune mat den ukraineschen Autoritéiten, wat d'Unerkennung vum Unterrecht ugeet, deen déi ukrainesch Flüchtlingen hei am Land hunn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten